# De Streik zo' Ettelbreck

Muer um sonndeg begeet Ettelbreck d'kommemoratio'n vum streik, dien virun drei joor hei ausgebrach ass. Em 8.30 auer mures get eng feierlech mass fir d'victime vum streik. Nomöttes, em halver 4, geet e cortège vun der gare ov durch d'stroossen. Usprooche gi gehale vum heer burgermeester, vun engem Ettelbrecker streikbedeelegten a vum Chrëst Calmes.

Dien daag begin d'Ettelbrekker engerseits mat grujelen iver preisesch brutaliteït, anerseits mat stolz driver, datt Ettelbreck zesumme mat Woltz den optakt zou der protestaktioun gin huot.

D'préparative fir de streik gongen hei schonn de 15. aug. 1942 unn: Mëndlech propaganda a redaktioun vu flugziedelen durch d'resistenz.

De streik huot sech hei honnertprozenteg bis zum owend vun diem daag higezun. An daat trotz den 250 mann renfort, deï vun Treïr mat panzerween a mitrailleuse komm woren a bedrulech durch d'stroose patroulleïrt sin; trotz de villen opriff, deï de Kreisleiter vun Dikerich de ganzen daag bis oves fönef auer perseïnlech iver d'haut-parleure gin huet, an an dienen hien de streikbedeelegten ener anerem den doud ugedreet huot. Alles, wat vu Preisen zou Dikerich resideïrt hout, koum erov, fir d'revolt niderzehalen: D'ganz „Kreisleitung", de „Landrat", d'SS, d'SA a. s. w.

Dien daag gouven iver 30 Ettelbrecker verhaft. 13 koumen derfir Meïnd an deelweis fir jooren an d'kazett. Deï folgend deeg gouven der rei no bal semtlech arbechter, beamten, gescheftsleid an handwirker vrun de Kreisleiter an d'Ortsgrupp ziteïrt, fir sech ze verentwerten. Am meste gouven d'infirmieen an d'infirmièren aus dem spidol gedirengelt, well se hir VdB-karten ageschëkt haten.

An dankbarster Erënnerong aver schloon d'heerzer, wann dem Dax Michy oder dem Thull's Jengy sei numm fellt. Si zwee hun daat lest hirgi fir d'heemecht. De 5. september 1942 gouven se weïnt hirem patriotissem zou Hinzert erschoss. Deï lest wirder aus dienen zweïn helden hirem mond woren: „Behidd Du d'Letzebuerger Land!"